

Evangelium vum 32. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

Lk 20,27.34-38 (Kuerzfaassung)

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

A. *Dir all Éier, Här.*

- 27 De Jesus sot zu e puer vun de Sadduzäer,
déi behaupten, et géif keng Operstéiung:
- 34 "D'Kanner vun dëser Welt bestueden sech,
an si gi bestuet;
- 35 déi awer, déi et fir wäert fonnt ginn,
un där anerer Welt
an un der Operstéiung vun den Doudegen deelzehuelen,
déi bestueden sech dann net méi,
an si ginn dann och net méi bestuet:
- 36 Si kënnen da jo och net méi stierwen,
well si wéi Engele sinn,
an als Kanner vun der Operstéiung sinn si Kanner vum Herrgott.
- 37 Datt awer déi Doudeg erwächt ginn,
dat huet och de Moses gewise bei der Därenheck,
wéi hien
de Gott vum Abraham, de Gott vum Isaak an de Gott vum Jakob^a
Här genannt huet.
- 38 Hien ass dach net e Gott vun Doudegen,
ma vu Liewegen,
well si all liewe fir hien."

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*

^a Ex 3,6.